Réunion 10/2024

# Commune de Junglinster

**Commission consultative de la Nature, Energie et de l'Environnement**

**Rapport de la réunion du 27.08.2024**

| | |
|---|---|
| Lieu de réunion : | « Op Fréinen » |
| Début de la réunion : | 19:00 H |
| Invitée : | Mme Monique Leffin |

## Ordre du jour :

1. Compte Rendu vum 30.07.2024
2. Formatioun vum Klima-Bündnis fir d'Membere vun der Kommissioun déi dann am Kader vun der Energiekarawan vun Haus zu Haus ginn
   Thema Naturpakt Team a Klimapakt Team.
3. Divers

## ***1. Rapport Reunioun***

De Rapport vun der leschter Reunioun vum 30.07.2024 ass ugeholl ginn.

## ***2. Formatioun vum Klima-Bündnis un ons Membere vun der Kommissioun déi dann am Kader vun der Energiekarawan vun Haus zu Haus ginn.***

Zesummen si mir nach eemol den Oflaf vun der Energiekarawan duerchgaangen a kruten en Iwwerbléck wou mir grad stinn.
Den Här Pol Strauss vum Klimabündnis huet ons dunn online

während 1 Stonn eng Formatioun zur Energiekrawann ofgehalen. Während der Power Point Presentatioun krute mir d'Prozedure erkläert an dass mir am Optrag vun der Gemeng ënnerwee si fir verstäerkt iwwer d'energeetesch Sanéierung wëllen ze informéieren. Mir kruten erkläert, wéi mir ons virstelle sollen a krute verschidden Äntwerte proposéiert fir op d'Froe vun den Awunner ze reagéieren. Och si mir ausféierlech iwwer den Dateschutz informéiert ginn a wéi mir ons dozou verhale sollen.

Ons Aufgab ass et bei d'Leit vum Quartier schellen ze goen an Donnéeë vun den Awunner ze froen, wann se intresséiert sinn de Klimaberoder bei sech Heem kommen ze loossen.
Domat maache mir zu Gonnereng en Ufank. Déi Donnéeë vun de Leit déi interesséiert sinn, ginn tëschent dem 23.09. – 24.11. ausgewäert. Ab de 15.11. mussen all Donnéeën an der Gemeng sinn a mir sinn als Membere fäerdeg mat dëser Aktioun. Ab dann iwwerhëlt de Klimaberoder Donnéeën a hëlt Kontakt mat de Leit op.

De 17.09.2024, no der Versammlung, kucke mir nach fir ons opzestelle wee mat weem wou a wéi eng Deeg bei d'Leit schelle geet.

## ***3. Thema Naturpakt Team a Klima Team***

De Jean huet nach eemol en Opruff gemaach un d' Memberen aus onser Kommissioun fir d'Klima Team an d'Team vum Naturpakt ze ënnerstëtzen. Hien huet erkläert, dass et em Natur- a Klimatechnesch Theme geet. Dofir gi pro Team 16 Leit gebraucht. An all Team missten 2 Leit aus onser Kommissioun sinn
an Demande dofir misst bis Mëtt September an d'Gemeng era geschéckt ginn.

## ***4. Divers***

Mir hunn den Datum vum "Dag vum Bam" op de 16.11.2024 festgeluecht. Et koume Proposen nei Beem op der Spillplaz "Loupescht" zu Lënster ze planzen. Do wären der futti déi een ersetze kéint. Mee keng Uebstbeem, well dat d'Beien unzitt an dat net ideal fir eng Spillplaz wär.
Et misst een dobäi och mam SIAS schaffen.

Och d’Iddi, fir e puer Beem zu Gonnereng ze planzen, ass ugeschwat ginn. Mir froe nach eemol am Schäfferot no, wéie Site gewënscht ass éier mir weider doru plangen.

Mam SIAS soll eng Hierscht Versammlung geplangt ginn.

Betreffend déi ‘Grouss Botz’ vun 2025, do huelen mir no der Rentrée am September, Kontakt mat de ‘Comité d’Ecole’ op fir hei ze kucken wéi mir d’Schoulen kënnen mat abannen.

Zum Thema “Offall Taxe” solle mir ons Gedanken iwwer eng Sensibilisatiounscampagne maachen. Wéi kenne mir dat ugoen a wéi eng Themen sollen afléissen?

- Offallvermeidung
- Manner Verpakungsmüll beim Akaf
- Wéi trennen ech de Mull richteg

Eis nächst Reunioun ass Dënschdeg, de 17.09.2024 um 19.00 Auer am Zelt virum Café de la Gare zu Gonnereng.

Mat frëndleche Gréiss.

Degraux Christiane
Sekretärin

Boden Jean
President